

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. November 2020

**Betrëfft:** Ufro fir en Hearing iwwer d'Problematik vun der Legaliséierung vum Cannabis zu sougenannten „rekreativen Zwecker“

Här President,

déi aktuell Regierung huet an hirem Koalitiounsaccord aus dem Joer 2018 eng Depenaliséierung, respektiv esouguer eng Legaliséierung vum Cannabis zu „rekreativen Zwecker“ ugekënnegt:

„Une législation portant sur le cannabis récréatif sera élaborée. Les objectifs principaux en seront de dépenaliser, voire de légaliser sous des conditions à définir, la production sur le territoire national de même que l'achat, la possession et la consommation de cannabis récréatif pour les besoins personnels des résidents majeurs, d'éloigner les consommateurs du marché illicite, de réduire de façon déterminée les dangers psychiques et physiques y liés et de combattre la criminalité au niveau de l'approvisionnement. A cette fin, il s'agira d'instaurer sous le contrôle de l'Etat une chaîne de production et de vente nationale et de garantir ainsi la qualité du produit.“

De parlamentaresche Grupp ADR huet d'Éier, Iech mat dësem Brëif ze bieden, en Hearing iwwert déi verschidden Aspekter vun dësem Projet an der Chamber ze organiséieren, dëst ënner Bedeelegung vun der Gesondheetskommissioun, der Justizkommissioun, der Kommissioun fir Baussepolitik an der Kommissioun fir bannenzeg Sécherheet.

Den net-medezinesche Gebrauch vum Cannabis ass an eiser Gesellschaft eng Realitéit. Fir iwwer d'Opportunitéit an d'Modalitéite vun enger Depenaliséierung oder Legaliséierung kënnen verantwortungsvoll a beschtméiglechst informéiert ze befannen, wéilt de parlamentaresche Grupp ADR proposéieren, datt en Hearing mat nationalen an internationalen Experten, ewéi och mat Vertrieeder vun deene verschiddene betraffene Ministèren an Associatiounen organiséiert gëtt, wou all relevant Froen an Aspekter kënnen am Fong diskutéiert ginn. Dozou zielt ënner anerem:

## D'Pläng vun der Regierung

- Presentatioun vun de Regierungspläng a Bezuch op de rekreative Gebrauch vu Cannabis;
- proposéiert Modalitéite fir den Ubau vu Cannabisplanzen zu Lëtzebuerg;
- proposéiert Modalitéite fir de Verkaf vu rekreativ gebrauchtem Cannabis (autoriséiert Geschäfte respektiv Apdikten, Quantitéiten, Besteuerung, Profil vun de Klienten, asw.);
- rechtlech Konsequenze vum Konsum (z.B. a Bezuch op d'Autofueren);
- méiglecht Ëmgoe vun nationale Reegelen duerch den Handel am Internet.

## Méiglech international Repercussiounen

- d'Kompatibilitéit vun där projetéierter nationaler, rechtlecher Neiregelung mat internationale Konventiounen;
- méiglechen Impakt op eis Relatiounen mat den Nopeschlänner.

## Gesellschaftlech a medezinesch Konsequenze vun enger neier Cannabispolitik

- Erfahrungsanalys vun deene Länner, an deenen den net-medezinesche Gebrauch vu Cannabis depenaliséiert oder legaliséiert gouf;
- eng Bestandsopnam vum Ëmgang mat der Drogeproblematik zu Lëtzebuerg;
- Ënnerstëtzung fir ofhängeg Persounen;
- Präventiouns- an Opklärungscampagnen;
- méiglechen Impakt vun enger neier Cannabispolitik op de Konsum vun aneren Drogen zu Lëtzebuerg an d'Diskussioun ëm hire legale Status;
- de medezineschen Impakt vum rekreativ gebrauchte Cannabis, besonnesch och déi neurologesch Konsequenze vum Cannabiskonsum op Jonker ënner 25 Joer;
- déi erwaarten Inzidenzen op d'Kriminalitéit (besonnesch och op d'Beschafungskriminalitéit);
- verschidden Approchen an der Repressiounspolitik.

D'Äntwerten op dës a sécher och nach op weider Froe sollten eis erméiglechen, Konklusiounen ze zéien, déi eis erlaben, eng méiglechst konsensuell Approche am Ëmgang mam rekreative Gebrauch vu Cannabis ze fannen an och nei Weeër ze definéieren, fir den Ëmgang mam Drogekonsum zu Lëtzebuerg ze verbessern.

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
President vum parlamentaresche Grupp ADR